I-2023-O-M-7726-01 (n°4201)

Depot: Fred Keup

Groupe parlementaire

2

MOTIOUN

Lëtzebuerg, de 14. Dezember 2023

PL 8290

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt:

- d' Spritpräisser zu Lëtzebuerg säit geschwënn dräi Joer op engem héijen Niveau leien;
- déi reegelméisseg Erhéijung vun de Steiere wärend de leschte Joren zu där Entwécklung bäigedroen huet:
- vill Leit aktuell ënner finanziellem Drock stinn;

ass sech bewosst, datt:

- vill Leit net kënnen als Alternativ op de gratis ëffentlechen Transport zeréckgräifen a besonnesch Leit déi Fréi- oder Spéitschichte schaffe vun där Méiglechkeet ausgeschloss sinn, ëmsou méi a ländlechen Deeler vum Land, déi dacks wäit ewech vun der Aarbechtsplaz leien;
- d'Kilometerpauschal, déi ee vun de Steiere kann ofsetzen, zënter dem Gesetz vum 6. Dezember 1990 net méi ugepasst gouf;

fuerdert d'Regierung op,

- gläichzäiteg zu der Erhéijung vun der CO2-Steier eng Adaptatioun vun der Kilometerpauschal, déi ee vun de Steiere kann ofsetzen, ze ënnerhuelen, an dëst no geographeschen a sozioprofessionelle Krittären.

Fred Keup

ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742